Charte : Jugendgrupp AnereWee

1. Mir respektéieren jidereen esou wéi hien ass! Onofhängeg vun der Relioun, der Hautfaarwen, dem Geschlecht , der sexueller Orientéierung oder senger Astellung. Jidereen ass an der Grupp wëllkomm, an keen geht ausgeschloss oder gemobbt.

   Zu dësem Respekt gehéiert och dass mir eis géigenséiteg ausschwätzen loossen, een dem aneren nolauschtert (den Handy geht an Diskussiounsronnen am beschten an Tesch gestach), keen auslaachen, net lässteren an Gewalt natierlech absolut tabu ass.

2. Alles wat am Cigale geschwaat oder gemaach geht, halen mir fir eis! An bléift och am Cigale. Genau wéi d' Sozialpädagogen an d' Benevole ennert engem Secret professionelle stinn.

3. Et geht keen Toun-, Bild-, oder Filmmaterial ouni Averständnis vun der betraffener Persoun gemaach, oder publizéiert! Mir respektéieren Privatsphär vun den Léit, an respektéieren, dass een eeben net well erkannt ginn oder sech net outen well.

4. All Form vun Drogen ob legal oder illegal sinn am Cigale verbueden. Datt heescht Konkret : Keen Alkohol, keng Zigaretten an och keng aaner Drogen am Cigale.

   Gefëmmt geht nëmmen virun der Diir, an Zigaretten mussen am Emmer ausgedréckt ginn!

5. Sozialpädagogen, benevole Matarbeschter an den Gruppenleeder ginn Respektvoll behandelt, si schaffen immens vill, dass den Jugendgrupp meiglech ass dofier probéieren mir si ausschwätzen ze loossen, wann eppes ze soen ass, lauschteren hinnen noo, an halen eis drunn, wann si eppes soen, well et huet ganz sécher een Grond.

   Och wann am Jugendgrupp eng kéier näischt ze dinn ass, ass et net hier Schold, well den ganzen Grupp fir Gestaltung vun den Nomëtteger an den Aktivitéiten verantwortlech ass.

6. Fir Koppelen gëllt am Allgemengen, dass se hier Bezéiungslierwen net zevill am Cigale ausdroen sollen: Keng iwwerdriwwen Knutschereien, an och den Ehekrieg muss jo och net am Cigale ausgedroen ginn.

   Sexuell Handlungen am Cigale sinn verbueden, an Toiletten ginn natierlech individuell benotzt.

7. Den Sall an Material soll respektéiert ginn, doheem geht am normalfall och net ob Tapéit gemoolt… an näischt futti gemaach. Am beschten den Sall geht esou verlooss, wéi mir een virfonnt hung.

   Zwee mol am Joer raumen mir den Sall op, an geht grouss Botz gemaach!

8. Fir Aktivitéiten ausserhalb vum Cigale ginn et och puer Reegelen: Eng vun denen wichtegsten ass Pénktlechkeet, wann een net kann kommen, oder méi spéit kennt, dem Laurent bescheed soen (Nummer huet jo jidereen) – Eng wieder net manner wichteg Reegel ass déi, dass mir eis, wann mir Ennerwee sinn, net express „Schwul“ oder „Lesbeg“ behuelen fir ob ze falen. Aus Respekt virun denen, déi sech net outen wellen dobaussen.